N°6761
Entrée le 02.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.09.2022

FRAKTIOUN SV

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 529/22
-2 SEP. 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 2. September 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschafts- a Wäibauminister, un d'Madamm Inneministesch an un d'Madamm Finanzministesch weiderzeleeden.

Tëschent Éinen an der Héttermillen kënnt et, trotz den existéierenden Sécherheetsmesuren, ëmmer nees vir, dat Steng aus der Fielswand briechen an eroffalen, an dat zanter dem Remembrement an deem Areal. Problemer mam Kanal op dëser Plaz verstäerken de Problem nach. An dem Kontext géing ech gär folgend Froen un den Här Landwirtschafts- a Wäibauminister, d'Madamm Inneministesch an un d'Madamm Finanzministesch stellen:

- Kënnt Dir dës Informatiounen confirméieren?

- Sidd Dir der Meenung, dat déi zoustänneg Gemeng bei den erfuerderlechen Sécherheetsmoossnamen vum Stat finanziell ënnerstëtzt muss ginn, vu dat de Problem eng Suite vum Remembrement ass?
- Sinn nach aner Gemengen op der Musel mat änlechen Problemer konfrontéiert?
    - Wa jo, ëm wat fir Gemengen handelt et sech a wat fir Arealer genee sinn vum Steeschlag aus enger Fielswand betraff?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Max Hengel

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, vun der Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°6761 vum éierewäerten Deputéierte Max Hengel**

**Tëschent Éinen an der Hëttermillen kënnt et, trotz den existéierende Sécherheetsmesuren, ëmmer nees vir, datt Steng aus der Fielswand briechen an eroffalen, an dat zanter dem Remembrement an deem Areal. Problemer mam Kanal op dëser Plaz verstäerken de Problem nach. An dem Kontext géing ech gär folgend Froen un den Här Landwirtschafts- a Wäibauminister, d'Madamm Inneministesch an un d'Madamm Finanzministesch stellen:**

**° Kënnt Dir dës Informatioune confirméieren?**

**° Sidd Dir der Meenung, datt déi zoustänneg Gemeng bei den erfuerderleche Sécherheetsmoossname vum Stat finanziell ënnerstëtzt muss ginn, vu dat de Problem eng Suite vum Remembrement ass?**

De Remembrementsprojet Éinen ass mam Règlement grand-ducal vum 9. August 1979 gestart a gouf mam Remembrementsakt vum 26. November 2004 ofgeschloss. De Syndicat vun de Proprietäre gouf den 23. Mee 1978 gegrënnt. Et gouf an deem Areal virun allem an den 1990er Jore bis 2002 geschafft. Op ausdréckleche Wonsch vun de Proprietäre goufen do kleng Terrasseparzelle mat geschiedegten Dréchemaueren opgemaach an d'Pente vum Hiwwel fir déi nei Parzellen erofgesat. Déi nei, méi grouss Parzelle goufen duerch en neit Weenetz laanscht déi aktuell Fielswand aus Muschelkalk erschloss. D'Fielswand selwer gouf nach 2003 mat engem Maillage aus Maschendrot vum Office National du Remembrement (ONR) ofgeséchert.

Déi ganz Aarbechte sinn ënnert der Responsabilitéit vum Proprietärssyndikat ofgelaf. Den ONR hat eng Beroderroll an huet sech ëm d'Exekutioun vum Projet an d'Zesummenaarbecht mat engem Bureau d'Études gekëmmert. Den ONR iwwerhëlt och mol nom Ofschloss vun engem Projet Fléckaarbechten, wa sech an engem raisonnabelen Delai erausstellt, dass punktuell nogebessert muss ginn. Sou gouf 2014 och nach eng Kéier de Kanal iwwert der Falaise gefléckt.

Ob et e Problem mam Kanal gëtt, kann den ONR à ce stade net confirméieren. No der Mise en Possession provisoire vun de neien Terrainen an de 1980er Joren, war et un der Gemeng, fir sech ëm den Entretien vum Kanal ze këmmeren. Dëst gëtt och schonn an engem Avis géologique den 3. Dezember 2001 erwäänt, wou drop higewise gëtt, dass verschidde Regarden 2001 scho verstoppt waren an dass d'Gemeng och reegelméisseg den Drainage kontrolléieren an de Kanal botze misst.

No enger Visitt op der Plaz, den 9. September 2022, iwwer 30 Joer no de Gros-oeuvres an 20 Joer no der Installatioun vum Schutzdrot, kënnen déi Responsabel vum ONR net confirméieren, dass et do zu iwwerméissegem Fielsofbroch am Muschelkalk kënnt an, wa jo, ob deen dann op d'Aarbechte vum Remembrement aus den 1980er Joren zréckzeféieren ass oder ob et sech net einfach ëm en natierleche geologesche Virgang handelt. Dass sech uewen an der Fielswand Steng op eng natierlech Manéier léisen, huet och net domat ze dinn, dass d'Fielswand ënnen e bësse méi fräigeluecht ginn ass, fir deen neie Wee ze bauen.

° **Sinn nach aner Gemengen op der Musel mat änleche Problemer konfrontéiert? Wa jo, ëm wat fir Gemengen handelt et sech a wat fir Arealer genee si vum Steeschlag aus enger Fielswand betraff?**

Generell gesi leien d'Wéngerte laanscht d'Musel an engem geologesch onstabille Gebitt. Den ONR hëlleft mat senge Projeten notamment och, fir Rutschungen ze stabiliséieren. Iwwerall, wou sou Fielswänn am Sandsteen oder Kalleksteen erauskommen, huet een natierlech och Steeschlag. Et gëtt aktuell kee Steeschlagkadaster, soudass een net soe kann, wou iwwerall elo op der Musel punktuell Steeschlaggefor kéint bestoen.

Lëtzebuerg, den 4. Oktober 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN